N°598
Entrée le 11.04.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 12.04.2024

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11/04/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Mëttelstand, Wunnengsbau, Landesplanung, Wirtschaft & Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°399 hunn déi zoustänneg Ministeren gekläert, dass eng privatrechtlech Entitéit, déi vum Wunnengsbauministère eng finanziell Bäihëllef vu bis zu 75% vun hirer Gesamtinvestitioun fir en Immobilieprojet als "Aides à la pierre" krit, net verpflicht ass eng ëffentlechen Ausschreiwung fir dëse Projet ze maachen, ausser fir den Déifbau Deel, wann dësen Deel de Betrag vu 5.538.000 € (ouni TVA) iwwerschreit a fir Servicer am Zesummenhang mat den Déifbauaarbechten wann dës de Wäert vun 215.000 € (ouni TVA) iwwerschreiden. De Wunnengsbauministère huet an deem Zesummenhang eng Circulaire publizéiert (Circulaire 4/2024 aux promoteurs sociaux sans but de lucre).

Am Sënn vum "parallélisme des formes" missten dës Reegele deemno och fir Projete gëllen, déi vun anere Ministèrë cofinanzéiert ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Fale Bauteprojeten (z.B. de Bau vun engem Foyer duerch eng ASBL oder Fondatioun), déi méi wéi 50% vum Staat cofinanzéiert ginn, ënnert d'Gesetz vun de Marchés publics a mussen hir Projeten ëffentlech ausschreiwen?

2. Gëllt d'Reegel vun der Circulaire 4/2024 fir Projeten, déi vun anere Ministère mat méi wéi 50% co-finanzéiert ginn?

3. Wäert d'Regierung eng weider Circulaire verëffentlechen, fir ze klären, ab wéini een duerch eng Verwaltung co-finanzéierte Projet ëffentlech ausgeschriwwe muss ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten